



Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an der Madamm Gesondheitsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5613 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement

Ad 1)

Bis zur leschter Woch war et effektiv esou, dass een obligatoresch e positive PCR-Test gebraucht huet, fir en europäeschen digitale Covid-Certificat (EUDCC) ausgestellt ze kréien. Dëst war am Aklang mam EU-Reglement 2021/953. Verschidde Länner hunn awer e parallele nationale System opgebaut, deem notament a verschidde Fäll och d'Austelle vun engem Certificat de rétablissement op Basis vun engem positive Schnelltest erlaabt. Dëst huet zwar méi Flexibilitéit op nationalem Plang erlaabt, mee huet dann de Problem mat sech bruecht, dass d'Zertifikater iwwert déi national Grenzen eraus net méi gültig sinn.

Den 22. Februar 2022 huet d'EU-Kommissioun e neien Text ugeholl, laut deem zanter dem 23. Februar 2022 et de Memberstaaten och méiglech ass, een EUDCC op Basis vun engem positive Schnelltest auszustellen, ënnert der Konditioun, dass esou een Test awer vu qualifiziertem Personal durchgeführt gëtt. Ausserdeem muss et sech och ëm Schnelltester handeln, déi op der EU-Lëscht vun den Antigentester stinn. Dës Praxis ass applikabel fir Länner, déi net genuch TAAN-Test-Capacitéiten hunn, well den TAAN-Test bleift de Referenztest fir d'Diagnos vum Covid-19.

Vu dass Lëtzebuerg aktuell keng Enkpäss fir PCR-Tester huet, bleift aktuell en TAAN-Test néideg, fir en EUDCC auszustellen. Deemno ass et aktuell net méiglech, e Certificat de rétablissement op Basis vun engem positiven Schnelltest, deem am Kader vum Enseignement duerchgefouert ginn ass, auszustellen.

D'Regierung wäert sech zäitno doriwwer beroden, a wéiwäit déi nei Ouverture, déi d'EU-Kommissioun mam Acte délégué vum 22. Februar gemaach huet, sech eventuell och fir Lëtzebuerg kéint applizéieren.

Ad 2)

All Persoun, déi op Basis vun engem Schnelltest positiv getest gëtt, kritt mat den Dokumenter fir den Isolement och eng schrëftlech Informatioun op fënnef Sproochen, déi erkläert, dass fir d'Austelle vun engem Certificat de rétablissement e PCR-Test néideg ass. An dësem Fall ass de PCR-Test gratis.

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH